Helperknapp, 13/06/2024

# Rapport vun der Ëmwelt-Kommissioun vum 10.04.2024


## Punkt 1: Presenzen

| Present (Quorum 50% , ≥6) | Net present | Observateuren a Experten |
|---|---|---|
| Lesch Luc<br>Losch Gilles<br>Malherbe Louis<br>Pesch Serge<br>Sedrani Catherine<br>Stocco Mauro<br>Vosman Joske<br>Winandy Tom<br>Wirtz Pascal<br>Wirtz Pit | Quazzotti Luca (entschëllegt) | |

## Punkt 2: Projet Schoulgaart

Rendez-vous fir des Kommissiounssëtzung war um Schoulcampus Helperknapp zu Bruch wou mer eng Visite vum Terrain gemaach hunn op deem de Schoulgaart entstoe soll. De Losch Gilles huet déi néideg Erklärungen um Terrain gi wéi de Projet herno kéint ausgesi laut engem éischte Virentworf dee vun der Maison de l'Attert erstallt gouf a vum Gemengerot de 27.Mäerz eestëmmeg ugeholl gouf.

Helperknapp, 13/06/2024




Hannert dem südlechem Fligel vum Schoulgebai soll de Wee hannert dem Zonk vum Schoulhaff verlängert gi. Hei soll eng kleng Voliere fir Hinger entstoen. De Wee soll dann em de Multisport Terrain ronderëm féieren a bis op de besteeënden Hiwwel eropféieren, wou um Platto ee klenge Chalet mat Banken an Dëscher aus Holz aus den eegene Gemengebëscher entstoe soll .

Den Hiwwel soll zur südwestlecher Säit mat Terrasse mat Dréchemauere gebaut solle ginn. Dës Mauere sinn ideal Liewensraim fir all Zort vun Amphibien, Insekten a Käfer an d'Terrasse selwer kéinte fir Kraidergäert, Bierenuebst oder e klenge Wéngert benotzt ginn.

Vum Hiwwel geet de Wee dann erof an de besteeënde Bongert wou den eigentleche Schoulgaart entsoe soll.Nieft dem Gaart sollen och Beiestäck,Insektenhoteler an Nisthilfen mat ageplangt ginn. De Bongert an di restlech Gréngfläche sollen emzänkt ginn a periodesch mat Schof a Geesse beweed ginn, dofir soll och ee Klengen Ënnerstand fir Déieren nieft dem Gaart entstoen.

Hei koum d’Bemierkung op dass des Fläch och fir d’Organisatioun vum Cyclocross gebraucht gëtt, an dass een dofir béidsäiteg vun der ze beweedender Fläch eng Paart misst virgesi fir dass d’Méiglechkeet bestoe bleift fir de Cyclocross weiderhin um Campus kënnen ze organiséieren.

No der Visite huet de Losch Gilles nach erkläert dass, dass de Projet Enn Abréll op de Ëmweltministère erageschéckt gëtt fir beim Concours ‘‘ Méi Natur an eise Schoulhäff‘‘ matzemaachen. Falls de Projet hei zeréckbehale gëtt géif de Projet zu 90 % vum Ëmweltministère finanzéiert ginn.

Helperknapp, 13/06/2024

De Vosman Joske huet sech gefrot op d'Sécherheet vun de Kanner bei den Terrasse mat den Dréchemaueren garantéiert ass. Dofir soll de Projet virun enger Ëmsetzung vun engem Etudebüro op d' Sécherheet iwwerpréift ginn.

Bei der Voliere mat den Hinger war de Vosman Joske der Meenung dass hei de Kanner ee falscht Bild géif vermëttelt gi vue que dass Hinger eng deeglech Kontroll a Betreiung brauchen, awer um Site iwwer d'Weekender keen disponibel fir no den Deieren ze kucken. Hien war och der Meenung dass et méi Sënn géif maache mat de Schoulkanner op ee vun de pädagogesche Bauerenhäff di mir an der Gemeng hunn ze goen.

An der uschléissender Diskussioun huet sech erausgestallt dass bei de meeschte Memberen eng grouss Skepsis par Rapport zu den Hinger besteet. Bei de Schof déi den Terrain solle periodesch beweeden huet d' Kommissioun awer keng Bedenken.

## Punkt 2: Validatioun vum Rapport vun der Kommissiounssëtzung vum 7.02.2024

Beim leschte Rapport war ee Feeler bei de Presenzen. De Winandy Tom verbessert dëst am Rapport. De Rapport vun der Kommissiounssëtzung vum 7.02.2024 gouf duerno unanime ugeholl.

## Punkt 3: Bilan Grouss-Botz

De Losch Gilles huet de Bilan vun der grousser Botz gezunn, wou vill Léit matgemaach hunn an eng 10 – 15 m3 agesammelt goufen.Och huet hien dem Gemengepersonal déi den Dag d'Grouss Botz encadréiert hunn an deenen déi am Virfeld un der Organisatioun matgeschafft hunn e grousse Merci ausgedréckt.

Bei der nächster grousser Botz soll den Datum erëm op Enn Mäerz geluecht ginn. D''Verdeele vun den Tier soll déi nächste Kéier am beschte vun dräi Léit gemaach ginn, an d' Iesse soll fir eng Stonn éischter bestallt ginn, also fir 12 Auer.

Déi nächst Kommissiounssitzung ass den 13 Juni um 19 Auer am Gemengerotssall zu Tënten.